



ALTERNATIV DEMOKRATESCH
REFORMPARTEI

Groupe parlementaire

Här Gast Gibéryen
President vun der Deputéiertechamber
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, de 27. November 2018

Här President,

esou wéi d'Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un Madamm Familljeminister weiderzeleeden.

D'Madamm Familljeminister léisst aktuell eng Broschür iwwert d'Allgemengmedeziner verdeelen, mam Titel „Weiblich? Männlich? Ihr intergeschlechtliches Kind“. Dës Broschür, mat enger Foto vun der Madamm Minister, ass vun der „Schwulenberatung Berlin“, Queerleben, Inter* an d'Trans*Beratung ausgeschafft ginn.

D'Fro vun „intersexuelle“ Bëbeeën ass wuel reell, awer vill méi kleng wéi an der Broschür uginn (1,75% vun de Gebuerten). D'wëssenschaftlech Literatur geet vun 0,018% Fäll bei de Gebuerten aus (US National Library of Medicine, National Institute of Health). De Problem betrëfft also statistesch (ongeféier) ee Kand am Joer zu Lëtzebuerg.

An deem Zesammenhang wéilt ech der Madamm Minister dës Froe stellen:

- 1) Ass et der Madamm Minister no néideg eng Broschür auszedeele iwwer eng Situatioun déi extrem rar ass? Firwat ass dës Broschür vum Familljeministère lancéiert ginn an net vum Gesondheitsministère? Wéi sinn d'Critère fir eng Broschür bei allen Dokteren auszedeele? War dës Aktioun mam Gesondheitsministère respektiv mat der AMMD koordinéiert?
- 2) Gi mat dëser Aktioun, wéinst dem extrem rare Charakter vun der beschriwwener Situatioun u sech, net éischer propagandisteschen Zwecker op Staatskäsche verfollegt, ënner dem Virwand d'Leit wëllen ze informéieren?

Groupe parlementaire

- 3) Wéi steet d'Madamm Minister zu der Ausso an där Broschür dat et "sogeannte" männlech oder weiblech Kierpere géing ginn? Ass d'Regierung net der Meenung datt et effektiv weiblech a männlech Kierper gëtt?
- 4) Géing et net duer goen, d'Dokteren an d'Personal an de Maternitéen op des méiglech Situatioune virzebereede fir an deene rare Fäll déi et gëtt den Eltere kënnen déi néideg Berodung no dem Accouchement kënnen ze ginn an eventuell Decisioune kënnen ze huelen?
- 5) Wat hunn dës Broschür an d'Aktiounen déi domadder zesammenhänke kascht?

Mat déiwem Respekt,



Fernand Kartheiser
Deputéierten